ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4691
Reçue le 20.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.07.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

No mengen Informatiounen ginn d'Subside fir elektresch Vëloen (cycle à pédalage assisté) mëttlerweil mat iwwer engem Joer Retard ausbezuelt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Ëmweltminister gär des Froe stellen:

1) Wéivill entspriechend Demande goufen op de Stand vum 30. Juni 2021 un den Ëmweltministère gestallt, déi nach net traitéiert goufen?
2) Hypotheetesch ugeholl, datt dës Demanden a chronologescher Reiefolleg traitéiert ginn, wollt ech froen, wéi de Stand vum Traitement sech op den 30. Juni presentéiert huet, d.h. wéi eng Demandë mat wéi engem Datum?
3) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, op wéi eng Ursaachen dës Retarden zeréckzeféiere sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 août 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**<u>Objet :</u>** Question parlementaire n°4691 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4691 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4691 vum 20. Juli 2021 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert de Retard bei der Ausbezuelung vun de Primmen fir elektresch Véloen**

***1)Wéivill entspriechend Demande goufen op de Stand vum 30. Juni 2021 un den Ëmweltministère gestallt, déi nach net traitéiert goufen?***


No de leschte Statistiken waren op de 5. Juli 2021 10.481 Demande fir ee Subside fir een elektresche Vëlo nach net traitéiert ginn.

***2) Hypotheetesch ugeholl, datt dës Demanden a chronologescher Reiefolleg traitéiert ginn, wollt ech froen, wéi de Stand vum Traitement sech op den 30.Juni presentéiert huet, d. h. wéi eng Demandë mat wéi engem Datum?***

Och op de 5. Juli 2021 gekuckt, sinn d'Demande vum 12. August 2020 traitéiert ginn.

***3)Kann d'Madamm Minister elaboréieren, op wéi eng Ursaachen dës Retarden zeréckzeféiere sinn?***

D'Velosprimmen hunn am Kader vun der Pandemie en immense Succès gehat. Eng enorm héich Zuel un Demanden (Vëloen, elektresch Vëloen an Autoen) sinn zanter dem spéide Fréijoer 2020 erakomm, mat enger zweeter Well am Fréijoer 2021.




D'Ressourcen iwwert déi d'Ëmweltverwaltung verfügt, hunn et nët erméiglecht esou een aussergewéinleche Volume un Ufroen zäitno ze traitéieren. Gläichzäiteg ass et och net ouni Weideres méiglech, fir bei staatlechen Aufgaben bei deenen et och ëm den Transfert vun ëffentleche Gelder geet, sech duerch extern Ressourcen ënnerstëtzen ze loossen.

Fir d'Situatioun besser an de Grëff ze kréien, huet d'Ëmweltverwaltung verschidde Moossname geholl. Internt Personal aus anere Servicer gouf op d'Saisi vun den Demande gesat. Esouwäit et méiglech war an hir eegen Dossieren et erlaabt hunn, hunn Agenten aus anere Servicer dem Service vun den Aides financières (SAF) eng Hand beim Traitement vun de Vëloe mat ugepaakt. Och gouf zousätzlecht Personal iwwert de Wee vun der ADEM op Basis vun OTI-Kontrakter agestallt. All dës Moossnamen hunn et erméiglecht, d'Zuel vun den Dossieren déi ausbezuelt kënne ginn ze verduebelen.

Leider ass et awer esou, datt d’Zuel vun den Demanden déi erakommen nach ëmmer iwwert der Zuel vun den Dossieren läit, déi traitéiert kënne ginn. Dës Situatioun erméiglecht et nach nët, den Délai an deenen d’Demande behandelt kënne ginn, erof ze setzen.

Duerch ee rezent Opstocke vu Personal an der Ëmweltverwaltung iwwert de Wee vun zäitbefristete Kontrakter, soll den Délai fir d’Instruktioun vun den Demande fir eng Vëlosprimm weider erofgesat kënne ginn an nees op en akzeptabele Niveau erof geschrauft ginn.